



Groupe parlementaire

N°7608  
Entrée le 16.02.2023  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 16.02.2023

Här Fernand Etgen  
Präsident vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 15. Februar 2023

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Längere Lenkzeiten, kürzere Pausen", deen de 15. Februar am Tageblatt publizéiert gouf, heescht et, datt d'EU-Kommissioun d'Reegelung vun de Rouzäite fir Buschaufferen iwwerschafe wëll, wat notamment zu méi laange Schichten a méi kuerze Pause kéint féieren. D'Gewerkschafte weisen sech besuergt, datt d'Sécherheet vun de Passagéier opgrond vun enger Iwwerlaaschtung vun de Chaufferen net méi ka garantéiert ginn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister seng allgemeng Positioun zu där ugekënnegter Neiregelung elaboréieren a preziséieren, wéi hien de potenziellen Impakt op déi allgemeng Sécherheet souwuel vun de Passagéier wéi och dem Trafic am allgemenge beurteilt?
- 2) D'Käschte vum öffentlechen Transport gëtt zu Lëtzebuerg vollstänneg duerch déi öffentlech Hand gedroen. Kann den Här Minister de budgetären Impakt vun där genannter Neiregelung chiffrieren an an deem Zesummenhang garantéieren, datt de gratis öffentlechen Transport zu Lëtzebuerg nimmools zulaaschte vun den Aarbechtskonditioune vum Personal finanzéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7608 vum 16. Februar 2023 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt eng Rei Froe betreffend eng zukënfteg Propos vun der Europäescher Kommissioun mat där d'Fuer- a Rouzäite vun de Buschaufferen am "Transport occasionnel" sollen iwwerschafft ginn.

Obwuel d'Europäesch Kommissioun ufanks des Joer des Propos fir Januar/Februar ugekënnegt hat, ass se bis lo nach net presentéiert ginn, sou datt den Detail vun de proposéierten Ännerungen nach net bekannt ass. Aus deem Grond ass et och nach net méiglech fir dozou Stellung ze huelen. Aktuell ass keen Datum bekannt, wéini d'Presentatioun soll sinn.

Mat der Propos publizéiert d'Europäesch Kommissioun normalerweis och ëmmer eng Impaktstudie, déi bestëmmt eng Äntwert op dem honorabelen Deputéierte seng Fro betreffend Sécherheet vun de Passagéier an dem allgemenge Verkéier op der Strooss ka ginn.

Den aktuellen Informatiounen no sollen déi ugekënnegt Ännerungsvirschléi nëmmen den "Transport occasionnel" betreffen, net awer den "Transport régulier", sou datt se kee Impakt op den ëffentlechen Transport wäerten hunn, also och kee budgetären Impakt.

Doriwwer eraus gesäit d'Reglement iwwert d'Fuer- a Rouzäiten eng Derogatioun vir fir Buslinne bis 50 km. Op eng gemeinsam Demande hi vun LCGB, OGBL a FLEAA goufe fir dee spezielle Fall zum Schutz vu de Chaufferen national Regeln ausgeschafft, déi zanter 2018 a Kraaft sinn. Dës Derogatioun wäert weiderhi bestoen bleiwen.

Lëtzebuerg, den 6. Mäerz 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch